Centre pour le développement intellectuel

# BICHERWOCH
# „Grouss a kleng Helden“





Wéi déi Jore virdrun hunn och dëst Joer d’Schüler an d’Personal aus dem CDI Annexe Waarken un de Nationale Bicherdeeg Deel geholl. Iwwert den Zäitraum vum 22- 30 Abrëll hunn d’Schoulklassen etlech Aktivitéiten zum Thema “Grouss a kleng Helden” gemaach.

Helde sinn iwwerall

Ob couragéiert Pompjeeën, fiktiv Superhelden oder alldeeglech Helde wéi en hëllefräiche Frënd - d' Geschichten, déi wärend der Woch gelies, erzielt oder nogespillt goufen, hunn sech ëmmer op den Held oder d’ Heldin konzentréiert.

Ënnerstëtzt vum pädagogeschen Personal, Comicauteuren, engem echten Pompjee an aneren Helden aus dem Alldag, konnten eis Schüler vill flott kreativ an interaktiv Aktivitéiten erliewen. Mir haten esouguer den Assistenzhond Rio matt senger Meeschtesch dem Magali op Besuch, déi eis gewisen hunn, wéi si eis am Alldag kënnen hëllefen.

Geschichte wéi "Alle Helfen", "Lebensretter", “Tierische Helfer”, “Hätte hätte Eimerkette”, “Fanny Fuchs und Feuerwehr” “Eine Klasse voller Superhelden und der normalste Lehrer der Welt”, "Robodog" mee och Geschichten vun fiktiven Superhelden hunn de Schüler gutt gefall.

Fir Kanner a Jugendlecher mat spezielle Besoine war dëst eng wäertvoll Geleeënheet sech mat Virbiller ze identifizéieren, iwwer Stäerkten ze schwätzen an hir eegen Erfarungen ze deelen.

Et ass besonnesch wichteg fir eis Schüler ze gesinn, datt d' Helden net perfekt musse sinn. Et sinn dacks déi kleng Gesten oder de Courage sech fir anerer anzesetzen, déi eng Persoun zu engem Held maachen.

Ob en Heldenparcours, éischt Hëllef, Interview matt engem Pompjee, Besuch am Altersheim, bastele vun engem Supershield oder sech säin eegene Superheld ausdenken, all Leeschtung ass gefeiert ginn an déi villsäiteg Aktivitéiten hunn de Schüler d’ Thema méi nobruecht.

Fazit: Jiddereen ass en Held

D' Bicherwoch huet d' Bedeitung vu Lerninhalter bewisen, déi sech op d' Stäerkte vun de Schüler konzentréieren. Well eng Saach gouf eis kloer: Helden an Heldinne ginn et net nëmmen a Bicher - si sinn an all Klass.



